ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Guy Weber

Chefredakter RTL Télé Lëtzebuerg

45, boulevard Pierre Frieden

L-1543 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. Abrëll 2017

Här Chefredakter,

Dir annoncéiert fir haut den Owend eng Emissioun „Kloertext“ Spezial mat „5 Jonker an der Ronn“, déi sollen iwwer d'Ried zur Lag vun der Natioun schwätzen. Dës fënnef Jonker representéieren all parlamentaresch Gruppen a politesch Sensibilitéiten, déi an der Chamber vertruede sinn ausser der ADR. Et huet och kee Member vun Ärer Redaktioun oder Responsabele vun der Emissioun „Kloertext“ sech bei eis gemellt fir e Vertrieder vun der ADRenalin op dës Table ronde anzelueden. Mir sinn der Meenung, datt iwwer de Format vum „Kloertext“ eraus dëst eng reng politesch Table ronde ass. Mir kënnen eis net virstellen, datt dëst Ausschléisse vun der ADR Är Virstellung vun der „Mission de service public“ ass, déi Äre Sender ze erfëllen huet. An Zäiten, wou d'journalistesch Aarbecht vu ville Leit kritesch gekuckt gëtt, geheit et sécher kee gutt Liicht op d'journalistescht Selbstverständnes vun Ärer Redaktioun, wann eng demokratesch gewielte Partei ouni Grond vun enger Debatt mat allen anere Parteien ausgeschloss gëtt. Mir mengen net, datt eng Emissioun, déi sech „Kloertext“ nennt, ka glafwierdeg sinn, wann déi konsequentst Stëmm vun der Oppositioun ausgeschloss gëtt.

Duerfir fuerdere mir, datt Dir intervenéiert, fir dës Emissioun haut den Owend ze verleeën a mat enger korrigéierter Besetzung op en aneren Datum unzesetzen, an zwar da mat Vertrieder vun der Jugend vun deene sechs Parteien, déi an der Chamber vertruede sinn, also mat engem Vertrieder vun der ADRenalin.

Eng Kopie vun dësem Bréif get un den Här Chamberspresident, den Här Kommunikatiounsminister, de Verwaltungsrotspresident vun der CLT-UFA, d'Madame Caroline Mart an un de Presserot.

Mat respektvolle Gréiss

Dr Jean Schoos
President vun der ADR

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique